

Gemengewalen 2017 - de Mouvement gëtt aktiv Invitatioun op Memberforen

Gemenge
Walen '17

Léiwe Member,

Et ass esou wäit. D'Gemengewalen am Oktober 2017 kënnen sech un.

Traditionell notzt de Mouvement Ecologique dës Geleeënheet, fir de Point vu sengen Ureegungen fir d'Gemengen ze maachen a konkret Iddien an de verschiddene Beräicher vun der Gemengepolitik ze entwéckelen.

Déi Iddien wëlle mäer an de Gemengen thematiséieren, hoffen datt Kandidaten a Parteien se an hire Programmer opgräifen a se sech och herno an den Schäfferotserklärungen vun de Gemengen erëmfannen.

Fir eis Fuerderungen / Ureegungen auszeschaffen luede mäer op 4 verschidde Memberforen an, fir déi éischt Entwërf virleie wäerten, déi mäer da gemeinsam duerchhuelen, diskutéieren, ergänzen...

Diskutéiert mat iwwert eis Virschléi fir d'Gemengewalen



Déi Memberforen erlaben esou net nëmmen dem Mouvement Ecologique eng gutt Positioun ze erstellen, ma se sinn och eng gutt Méiglechkeet fir all Interesséierten. sech méi an en Thema eranzeschaffen oder auszetauschen ... oder einfach ze informéieren!

Duerfir e waarmen Opruff: Kommt laanscht an de Memberforen!

D'Memberfore si jee weils vun 18.15 – 21.30 am Oekozenner Pafendall, 6, rue Vauban, Pafendall - Stad. Et gi Bréidercher, e Stéck Tuart a Gedrénsks.

Eng Umeldung bis jee weils den Dag virdrun ass wéinst de Bréidercher erwünscht: Tel. 439030-1, meco@oeko.lu. Do kann een och weider Informatiounen nofroen.

Fir déi Leit, déi wëllen nokucken, wat de Mouvement bei de läschte Gemengewalen 2011 u Propositionen gemaach hat, hei de Link: www.gemengewalen.lu (wird bis ca. 15. Januar aktualisiert).

Diskutéiert mat!

!

D'Memberfore sinn eng ganz gutt Méiglechkeet fir Leit, déi sech fir d'Gemengepolitik interesséieren (a sech och vläicht wëlle fir d'Walen opstellen oder sech generell an der Gemeng engagéieren) e besseren Abléck an déi eenzel Themen ze kréien.

Dir sidd häerzlech agelueden, och wann Dir nach net esou an engem Thema dra sidd!

4 Memberforen: Austausch, nei Iddiën, Diskussioun

Meinden, de 16. Januar 2017

Natur- a Landschaft - Bësch: D'Séil vun der Gemeng oder Aktiven Natur- a Landschaftsschutz an der Gemeng

Gesondheetsförderung a präventive Gesondheetsschutz: och eng kommunal Erausfuerderung

Mëttwoch, den 15. Februar 2017

Prioritéit fir eng douce Mobilitéit a fir attraktiv öffentlech Raim: Eng Gemeng fir Foussgänger, Vëlo, öffentlechen Transport ...

Bauen a Wunnen / Siedlungsentwécklung: eng attraktiv Gemeng duerch eng bewusst Entwécklung

Mëttwoch, den 1. Februar 2017

Drénk-, Of- an Iwwerflächewasser – Waasser als Liewensquell: Gemengen ginn aktiv!

Loft, Kaméidi, Buedem: Ressourcenchutz fir eng gesond Ëmwelt

Eng Gemeng vun a fir BiergerInnen: Biergerbedeejung an e méi un Demokratie

Donneschden, den 9. März 2017

D'Zil: eng klimafrendlëch an energieautark Gemeng

Dank regionaler Wirtschaft eng nohalteg Entwécklung ënnerstëtzen

Eng "nohalteg" Finanzpolitik: gesellschaftlech Prioritéite setzen!



Memberforum 2010

Iwwert déi allgemeng Aktivitéite vum Mouvement Ecologique zu de Gemengewalen kënnt Dir lech regelmäseg op www.meco.lu oder op www.gemengewalen.lu (ab dem 15. Januar) informéieren.